N°4802
Reçue le 02.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 2 septembre 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire n°4802 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Ufro n°4802 vum 4. August 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

**Äntwert op d'Fro 1:**

Lëtzebuerg war op d'Amtsaféierung vum iranesche President Ibrahim Raisi invitéiert, mee eist Land war net bei dëser Zeremonie vertrueden.

**Äntwert op d'Fro 2:**

Am Virfeld vun der Amtsaféierung vum President Raisi haten d'EU-Memberstaaten an den Aussepoliteschen Déngscht vun der EU, notamment am Hibléck op déi ganz beonrouegend Situatioun vun de Mënscherechter am Iran, sech ofgeschwat, fir net op héchstem politeschem Niveau un dëser Zeremonie deelzehuelen an esou e politescht Zeechen ze setzen.

**Äntwert op d'Froen 3 a 4:**

Den Här Assadollah Assadi gouf de 4. Februar 2021 vun der belscher Justiz zu enger Prisongsstrof vun 20 Joer condamnéiert fir seng Roll am versichtenen Attentat vum Juni 2018 géint iranesch Oppositioneller a Frankräich. Den Här Assadi huet decidéiert, net vu sengem Recht op en Appell Gebrauch ze maachen, esou dass dëst Urteel definitiv ass. Des Weideren gouf den Här Assadi, genau ewéi eng Direktioun vum iranesche Geheimdéngscht, am Januar 2019 vun der EU op d'Lëscht vun den Terroristen an Terrororganisatioune gesat.

Am Kontext vun dëser Affär huet Lëtzebuerg keng weider bilateral Fuerderungen un d'iranesch Regierung gestallt.